1-2018-0-R-5379-01 (n°2942)

Lëtzebuerg, de 8. Mee 2019

PIRATEN

Sensibilité politique PIRATEN
Dépôt : M. Marc Goergen
PL 7254

1

# Motioun

**D'Députéiertechamber invitéiert,**

virum Hannergrond vum Gesetzesprojet **7254** *portant transposition de la directive 2016/2370 du Parlement européen et du Conseil du 14 décembre2016 modifiant la directive 2012/34/UE en ce qui concerne l'ouverture du marché des services nationaux de transport de voyageurs par chemin de fer et la gouvernance de l'infrastructure ferroviaire,*

besuergt, dass d'sozial Standarden um Marché vun den nationale Schinnentransportservicer souwéi hirem Ausbau an Entretien fale kéinten an dass d'Aarbechtskonditiounen sech esou verschlechtere kéinten,

**d'Regierung,**

esou séier wéi Méiglech déi néideg Dispositiounen ze treffen, fir héich sozial Standarden an allen Gesellschaften, an deenen de Staat d'Majoritéit vum Kapital hält, ze garantéieren, andeems d'Modalitéite vun den Aarbechtskonditiounen an de Sécherheetsstandarde vun der CFL an Zukunft och fir d'Mataarbechter vu LuxTram oder aneren Transportservicer mat staatlecher Bedeelegung gëlle wäerten.

Marc Goergen

Deputéierten

www.piraten.lu